N°8183
Entrée le 28.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Tourismus a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°8183 vum 26. Juli 2023 vun der Madamm Deputéiert Martine Hansen**

*Ass e befestegten a barrièrefräien Zougang op dës Plage virgesinn?*

De Projet vum Reamenagement vun den Uferen zu Ënsber gesäit vir de bestoenden Zougang zum Stauséi duerch ee befestegten an zum Deel barrièrefräien Amenagement ze verbesseren.

*Wa jo, wéi gëtt dësen assuréiert?*

D'Amenagementer déi virgesi sinn, ëmfaassen d'Hierstelle vu befestegte quasi-horizontale Palieren, déi sech progressiv dem Niveau vum Stauséi upassen a jee no "Stauhaltung" vun de Leit benotzt kënne ginn.

Zousätzlech wäert och am ieweschten Deel vum Projet eng barrièrefräi Plattform mat direktem Zougang op d'Ramp, déi bei d'Solarboot féiert, geschaaft ginn.

*Fält dësen neien Amenagement vum Site ënnert d'Kompetenz vum Service national de la sécurité dans la fonction publique, vue d'Presenz vum Accès zum Solarboot?*

Dësen neien Amenagement fält ënnert d'Kompetenz vun der Stroossenbauverwaltung.

Lëtzebuerg, den 28. August 2023

(s.) Lex Delles

Minister fir Tourismus